# DJOFFEREN HU VAKANZ

E löschtécht Stéck an ängem Akt matt 7 Persounen
vum Jeanne Steichen
Et spillt séch an änger Dammepensioun oof.

P e r s o u n e n:

1.- D'Madame vun der Pensioun

2.- D'Médchen

3.- Äng Profässorin

4.- Äng Archäologin (Altertumsforscherin)

5.- Äng nei Pensionärin

6.- Äng Baurefraa

7.- Äng Doktösch

D é c o r s: Am Hall vun der Pensioun:
En Dösch, e puur Fotällen,
räckts a lénks äng Diir.

:÷:÷:÷:÷:÷:÷:÷:÷:÷:÷:÷:÷:÷:÷:÷:÷:÷:÷:÷:÷:÷:÷:

VERLAACH: ACTION CATHOLIQUE FEMININE, LUXEMBOURG
3, Place du Theatre.

(D'Médchen stöppst oof, d'Madame könnt gleich eran matt ängem Bréif an der Hand)

MADAME : D'Joffer Dokter kann döst Jooer nöt kommen....

MEDCHEN: Daat ass aawer schuet, et war ömmer sou interessant, nÖmmen op äng Manéier ass et joo gutt, dann hu mer daat Zömmer frei, fir nach äng aaner Joffer unzehuelen.

MADAME : Ma sie schreift mer, hir bäscht Fröndin hätt schon sou laang noo änger rouéger Pensioun gesicht, an sie wär frouh wa mir sie könnten an hiir Plaatz ophuelen.

MEDCHEN: Et sin aawer nach aaner gemällt.

MADAME : Duurnoo könne mer nöt kukken, mir können der Joffer daat nöt oofschlooen, an éch sin iwwerzécht, dass et äng fein Joffer ass, soss wär se nöt d'Fröndin vun der Joffer Dokter.

MEDCHEN: Waat ass se?

MADAME : Sie sét daat nöt an hiirem Bréif, sie ernimmt mömmen, dass se zesummen zu Pareis studéiert hätten. Iwwrégens wés joo d'Joffer Dokter, dass mer nömmen beruufstätéch Dammen ophuelen.

MEDCHEN: Villeicht ass et dann och äng Doktesch.

MADAME : Nén, sie schreift, sie hätt séch an de Sproochen perfektionnéiert am d'Konschtakademie besicht.

MEDCHEN: (laacht) Irgend sou äng Künstlerin da sécher. Daat ka jo schéi gin...déi féélt eis nach graat bei der zerstréter Professesch an der viirwötzéger Altertumsforscherin, déi allméigléche Kroom zesumme sicht.

MADAME : Maach, dass se déh nöt héieren...Déi Jofferen kommen wäll schon drei Jooer hiir an d'Vakanz an éch huelen se ömmer gär eröm. Sie si fein an et wéés één wéinestens waat één am Haus huet...Wann sou äng nei könnt..wéés éé kéémol waat et ass.

MEDCHEN: Ech passen dann an der éischt e bössen op.

MADAME : Oover nöt dass s-et anuecht hölt..Ech sin iwwerzécht, dass d'Joffer Dokter eis Pensioun bei hiir gelueft huet, an hir gesoot huet, wéi rouéch an ongestéiert se hei hir Vakanz könnt verbréngen.

(Äng Damm mat änger Valise könnt eran): Entschölléch, duurf éch erakommen? Ech fannen néirewou äng Schäll.

MADAME : Äng Schäll..mir hun absichtléch käng Schäll am ganzen Haus...Ons Pensionnärinnen héieren mééschtens e ganzt Jooer duurch ömmer äng Schäll rabbelen, an et ass hire ausdréckléche Wonsch, dass hei käng Schäll soll sin....

Die nei Pens.: Wonnerbaar...graat wéi éch mer et wönschen...méng Fröndin soot mir iwwrégens, dass éch néirewou méi rouéch méng Vakanz könnt verbréngen.

MADAME : Sitt diir iiren d'Joffer Pinmakel...der Joffer Dokter hir Fröndin?

PINMAKEL: Joo, joo, méng Fröndin soot mer, sie hätt iech geschriw fir méch unzemälden..éch soll döst Jooer an hir Plaatz kommen wäll sie nöt ka kommen.

MADAME : (fröndlẻch, an ängems ass se hir d'Hand rẻcht) Et frẻẻt mẻch Joffer, dass der kommt, an dir wärt gesin dass et iech nöt lẻẻd dẻt....Gilberte, fẻier d'Joffer op hirt Zömmer..(D'Gilberte hölt der Joffer hir Valise a gẻt mat der Joffer fort)

MADAME : (fir sẻch) Sie mẻcht kẻẻ schlächten Aandrokk..Hoffentlẻch könnt se matt dẻẻnen aaneren zouwẻẻ... d'Joffer Dokter schreiwt mer hei, hir Fröndin wär ganz dakk a Gedanken an et kẻim viir, dass se laanscht d'Leitt gẻing uni se ze bemierken...Sie breicht och stonnelaang nöt matt ängem ze schwätzen...Daat gẻing villeicht den Aandrokk maan, wẻi wann se bẻiss wär oder ze houffrẻch fiir matt aaneren ze schwätzen... Daat wär oover guur nöt de Fall, si wär ganz lẻif an einfach, ma et misst ẻn se kännen. Da schreiwt se hei nach, sie wär eẻbo laangkrank gewiescht a sie gẻing hoffen sẻch bei eis eröm ganz ze erhuelen.

GILBERTE: (könnt eröm eran) Äng lẻif Persoun ass et...fannt der nöt Madame...

MADAME : Dach, sie mẻcht e ganz gudden Aandrokk..Waat soot se vun der Zömmer...

GILBERTE: Oo, sie war ganz ewäch, vun der schẻiner Aussicht, Hätt ẻch nömmen äng Staffelei mattbruecht" soot se... ẻch hätt Loscht eröm ze moolen...

MADAME : Dann ass et sẻcher nach um Änn äng Moolerin...

GILBERTE: Dann hätt se hir Staffelei bestömmt bei sẻch...sie ass nach äppes aanescht...

(Sie gin zesummen aus. Iwwerdẻm kommen d'Professorin an d'Archäologin vun ängem Spazẻiergank eröm a si ganz a Gesprẻich. d'Archäologin höllt e Stẻẻn aus hirem Kabang a weist der Professorin en)

ARCHÄOL.: (ganz begẻẻschtert) Kuk t nömmen...äng Pracht sooen ẻch iech. Kukkt nömmen di Andrẻkk hei..an hei.... stẻcht nach äng ganz Muschel dran..300 km vum Miir ewäch sou e Stẻẻn ze fannen...Dẻẻ leit bestömmt schon Joordausenden hei.. Sou äppes muss ẻch als Geschichtsprofessorin dach och bestömmt interessẻieren.

PROF. : (e bösse gelangweilt)Schon..et hängt schliesslẻch ẻẻnt mam aaneren zesummen..mẻ d'Geschicht ass dach oover mẻi Politik...an ẻch wöll mer an der Vakanz nöt de Kapp zerbriechen...Dir sollt och nöt just all Daach un Äre Beruff dänken...

ARCHÄOL.: Ech...mängt dir ẻch könnt daat loossen, hei wou ẻch mol Zeit a Rouh hun de Saachen op de Fong ze gooen... ẻch kann einfach nöt laanscht äppes gooen, waat irgendwou un aal Zeiten erönnert...graat wẻi mẻch och all Antikitẻit interessẻiert dẻi ẻch begẻinen. Mein Appartement geseit zwar aus wẻi dẻ rängste Musẻẻ..ma et ass interessant...schräkklẻch interessant...

PROF.: Ech wöll nöt sooen, dass mei Beruff manner interessant ass...

ARCHÄOL.: Ech hu joo guur neischt esou behaapt....

(iwerdeems könnt d'Madame eran. D'Archäologin léft, soubaal se se erbléckst, op se duur)

ARCHÄOL. : Kuckt hei..Madame..e prachtvollt Exemplar vun ängem Stén. Sou én hun éch déi drei Jooer wou éch hei hin kommen nach nöt fonnt.

MADAME : Déer leien aawer vill dorömmer..doo uewen hanner der Kéier, just iir der an de Bösch kommt, bei dém groussen Wésestéck fannt der der bestömmt...

ARCHÄOL: Da gin éch eloo gleich nach doohinner..Gitt der mat Joffer?

PROF. : Oo, éch spiire méch nach e bösse mitt..éch raschten e bössen..(Si sätzt séch an äng Fotäll a lét hiiren Hutt op den Dösch.)

ARCH. : (An ängems ass se fort gét) Avoir, bis härnoo.
(Si lét de Stéén op den Dösch)

MADAME : Déi nei Joffer ass ukommt.

PROF. : Waat ass etfir äng?

MADAME : Ganz léif...ma d'Joffer Doktor schreiwt mer, si wär ganz oft a Gedanken a géing nöt vill schwätzen...

PROF. : Gott sei Dank! D'Joffer Wirrwampel schwätzt mer och baal ze vill...Sie huet käng Schoul wéi eiseréén a verstéét nöt dass wann één e ganzt Jooer muss schwätzen an der Vokanz wéinestens a bössen Rou wöllt hun...

(D'Joffer Pinmakel könnt eran)

MADAME : Aha, doo kommt der, Joffer.. duurf éch viirställen... d'Joffer Pinmakel, d'Fröndin vun der Joffer Doktor, d'Joffer Battull, Professorin.

PINMAKEL: 't fréét méch..méing Fröndin huet mer vill vun iech erzielt an et déd et wirkléch léét, dass se döst Jooer nöt ka kommen..éch war frou, dass éch an hiir Plaatz konnt kommen, et ass einfach wonnerbaar hei...éch gin eloo gleich nach e klängen Tuur an d'Loftt maachen.

MADAME : Oo et ass baal nöt méi derwäärt, mir drénken eloo gleich Kaffi..soubaal wann d'Joffer Wirrwampel eröm ass.

PROF. : Ech mängen mir hätten bässer nöt op sii ze waarden... wann déi hannert 't Stäng geréit, dann huet se fiir e puur Stonnen..dann dänkt sie nöt un d'Iessen...

PINM. : (laacht) Wéi ächt...daat ass mir och scho geschitt, wann éch un der Aarbécht war...

PROF. : Waat sitt der vu Beruff? (Iir se kann äntwerten, könnt d'Joffer Wirrwampel mat änger Vulleschleich zur Diir eran, si dréit se sou virun séch, dass éé fir t'éischt nömmen d'Vullescheich geseit.)

(All matenéén din se Kréesch...A waat der Joomer könnt doo?... d'Professorin ass opgesprongen a wöllt mat der Joffer Pinmakel zuur aaner Diir auslaafen da rifft d'Joffer Wirrwampel schonan änger Fréét: ) Kukkt Kanner... waat hun éch fonnt...E Prachtexemplar vun ängem Hutt aus dem viiréchte Joorhonnert..an déé Paltong mat änger Zort Knäpp drun, wéi éch a menger ganzer Sammlung käng hun. Wéini können esou Knäpp fabrizéiert gi sin. Et wär interessant fest ze ställen wéi déi gemaach gi sin...(si geseit eloo eréischt déi nei Joffer déi mat der Professorin eröm erakönnt)

WIRRW.: Oo pardon...ass daat déi nei Pensionärin?..Entschöllécht Joffer..éch vergiessen alles, wann éch Antiquitéiten gesinn...Mein Numm ass Wirrwampel, Archäologin...

PINM. : Interessant...méng Fröndin huet mer schon vun iech erzielt.

ARCHÄO.:D'Joffer Doktor..mat déér sin éch wonnerbar ééns gin.. éch mängen mir verstinn eis och bestömmt gutt..(si lét den Hutt vun der Vullescheich niewt der Professorin hiren op den Dösch...)

PROF. : Mei Gott, éch war schräcklec h erféiert...éch muss e bössen an d'Loft...Waart nöt mam Kaffi, den Appetit ass mir sou wi sou loo vergaang...(Sie géét aus an hölt den Hutt vun der Vullescheich aplaatz hiiren a sätzt en op de Kapp)

déi aaner hun neisch anuucht geholl, wäll d'Archäologin fiirt an ängems ass d'Professorin ausgéét viirun):

ARCHÄO.:Dir musst dach sälwer sooen..esou Saachen si furchtbaar interessant...Wann se haut och d'Satellitten öm d'Wält schéissen a geschwönn op de Mo'nd fléien..dann ass et duebel interessant fiir z'erfuurschen, wéi de Mönsch noo an noo derzou koum fir daat färdéch ze bréngen...Do ass déé klängsten Détail ongeheir wishtéch...ongeheier wichtéch sooen éch iech, wann éé bedänkt, dass de Mönsch joordausénde gebraucht huet fir esou weit ze kommen wéi en haut ass.

MADAME: Et sin haut oover nöt vill Leit méi déi séch nach mam Altertum befaassen...

ARCHÄO.:Leider, mé et ass mir käng Grimmel lééet, dass éch déé Beruff gewielt hun...

MADAME: Wann se aawer eloo op de Mars an op de Mount fléien kann et iech absolut neischt déingen.

ARCH. : Wou dänkt der hin, Madame...De Mount an di aaner Planeten sin och nöt vun haut a göscht...Doo göt et äppes ze fuurschen, wa mer mol Geléénhéét hun fir dohinner ze fléien. Mängt der nöt och, Joffer?...

PINM. : Dir hutt vollkomme rächt, Joffer...daat alles interesséiert méch gewaltéch..wäll séch a méngem Beruff all Elementer veréénegen, éch muss iwwer alles Beschéét wössen.

ARCHÄO.:Waat sitt der dann vun Beruff?...
(Iir se kann äntwerten héiert éé vun baussen Krééesch:) Höllef, höllef....éch hun se nöt geholl...(D'Professorin stiirmt eran, hannendrunn eng Baurefraa mat ängem Riech an der Hannt...

PROF. : Ech sooen iech joo...éch hun en nöt geholl...

BAUREFRAA: Ma dir hutt dach den Hutt dervun um Kapp...

PROF. : (erféiert, an ängems dass se den Hutt oofdéét) Et ass dach nöt méigléch..wou konnt éch dann déén Hutt hei op din..

BAUREFRAA: Et ass gelungen, dass déi gescheit Leit hei ans doo déi gréisst Dommhééten maachen..

ARCHÄO.: Wéi affrontéiert..Daat doo loossen éch mer nöt gefaalen, dass déi gescheit Leitt déi gréissten Dommhééten solle maachen.

BAUREFRAA:Ma, Joffer, éch hu joo nach nöt gesoot, dass Dir gescheit wärt!

MADAME : Je; je, zerstreit iech dach net hei...we'nt enger Vulleschleich...Eis Professorin war erem eng Ke'er zerstreit, weider ass et neischt...(an engems ass se aus get) Merja genoden; well hun ech vergiess de Kaffi opzeschedden..

BAUREFR: (iergerlech) An ech verle'eren hei meng Zeit mat efellege Gespre'cher...Gitt mer meng Vulleschleich erem, dann ass alles an der Reih...Dir kennt dach hei neischt dermat ufänken; a wa mir keng Vulleschleich am Steck hun,friessen d'Karmeschen eis de Wés alleguer....Wât wellt dir nömmen mat der Vullescheich mân?

ARCHÄOL: Let emol èr Mordwaff aus der Hand; Madame, da schwetze mir ro'eg matenén.

BAUREFR: Meng wât?...Eng Mordwaff nennt dir dat?..Et ass e gewe'nleche Hériech...e stâmt schon vu mengem Gro'sspapp.

ARCHÄOL: We' interessant..huet ère Gro'sspapp e selwer gemâch?.. Dir hut awer elauter eso' Antiquite'ten.

BAUREFR: (lâcht) Wât sin dat dann fir De'eren?..

PROFESS: Ma dat sin Sachen de' aus âler Zeit hierstâmen..d'Joffer interesse'ert sech fir all de' Sâchen..

ARCHÄOL: Jo, duefir hun ech och èr Vullescheich geholl, dien Hutt ass dach bestömmt aus dém vierechte Johrhonnert an de Knepp, de' um Paltong sin, si wirklech wonnerbar...

BAUREFR: Mei Gott, wann dir iech fir eso' Krôm interesse'ert; da kommt op eisen ieweschte Speicher; do fand der dés Krepeng me' we' genug.

ARCHÄOL: Krepeng nennt dir dat?..Dier wesst net wat fir e Reichtum an èren Heiser leit...ma wann ech duerf kommen...dat ge'f mech wirklech interesse'eren..(zur Professorin) Gengt dir welle matgoen,Joffer?..

PROFESS: Beileiwe net...ech hun es well genug..so' eng Blamage an dat sidd dir alles an d'Schold.

PINMAKEL (fir sech) Wirklech wonnerbar, e bessere Stoff kennt ech wirklech net fannen fir meng nächst Arbecht.

BAUREFR: Oh, hei, do ass jo eng nei Pensionârin...Dir ward nach net hei..

PINMAKEL:Nén, ech sin a menger Frendin hir Plâtz komm, der Joffer Dokter.

BAUREFR: Dat ass jo schued, dass d'Joffer Dokter net ka kommen, si huet ons emmer eso' gudd Re't gin...Sitt dir och iren Dokter?

PINMAKEL:Nén, ech sin... (ir se kann äntweren, kennt d'Madame eran)

MADAME : Da kommt dir Jofferen...so' spe'thu mir nach kémol Kaffi gedronk....

BAUREFRA: Da git mir d'Vullescheich mat bis den Owend.Da mecht mei Mann eng âner fir an d'Steck, dir kritt dann den Hutt an de Paltong, wann dat iech eso' schrecklech interesse'ert.

ARCHEOLO: Dat ass le'f fun iech..(si get der Madame den Hutt an de Paltong erem da_lét si hire Stén an hire Kab-ang an stellt en op den L[illegible]h.)

d'Jofferen gin allendrei aus.

BAUREFRA: (zur Madame) T'ass ower wo'er...Mengt én net dass dat so' gescheit Fraleit solle sin...si sin awer alleguer e beschen tibi..

MADAME : Et muss en se kennen...si sin eben original..

BAUREFRA: Original hin oder hier...Wann so' eng Sort sech geng bestueden, si ge'fe jo e Mann verreckt mân...

MADAME : Loss mer dovun schwetzen; ech sin jiddefalls ganz mat de jofferen zefridden an et dét mir haut nach net léd, dass ech no mengem Mann sengem Do'd eisen Hotel op eng Pensio'n fir berufstäteg Dammen emgeännert hun...Dir gesitt; mir hun all Joer me' Zo'fall an d'Jofferen sin ganz zefridden.

BAUREFRA: Wât ass de' nei vu Beruff?

MADAME : Ma ech wàss et net, si huet et nach net gesôt..et schengt eng Künstlerin ze sin.

BAUREFRA: Och alt secher original...Los mer goen, soss hun d'Karmeschen alles eran wann ech kommen...(fort)
(an engems kennt d'Médchen eran)

MADAME : (erfe'ert) Gilberte,...fir wât bass du eso' bléch?...Ass eppesgeschitt?...

GILBERTE: Ech muss onbedngt mat iech schwetzen...die nei..die nei Joffer ass...hei kuckt selwer wât se schreiwt..

MADAME : (entrüst) Ma, Gilberte; dat ass onerhe'ert, du wéss dach dass é nie engem âneren sei Bre'f duerf liesen..

GILBERTE: Ma dat hei lo'ch zerrapt am Pabeierkuerw, da kann én dach liésen.

MADAME : Nén, och net an dém Fall

GILBERTE: An dem Fall awer, wo' dir selwer d'accord wârt; dass ech e beschen op die nei soll oppassen.

MADAME : Du kannsoppassen...ower net op de Art a Weis...wann se't gewuer get, kennt se sech iwer ons beschwe'ere goen...

GILBERTE: Wa mir eis alt net mussen iwer sie beschwe'ere goen..

MADAME : (verwonnert) We' mengs de dat?..

GILBERTE: Ma sie klaut...

MADAME : (erfe'ert) Sie klaut...a we' kenns de drop?..

GILBERTE: Ma hei, liest sclwer.

MADAME : Nén, dat sie keng Mane'eren..

GILBERTE: Wann di schlecht Mane'eren én iewer virum Verdierwen retten..

MADAME : Ass et dann eso' schlömm?...

GILBERTE: Ma stellt iech fir, et ge'f hei bei ons geklaut, da ke'm awer ké me' heihinner.

MADAME : Domat hues du recht; da wär die gudd Renommée vun eisem Haus fléten...an dém Fall musse mir eis Precautio'nen huelen, da weis emol heihin, wât se schreiwt..

(Gilberte get hir de Bre'f an d'Madame liest) Do hat ech nach eng Ke'er Chance, dass d'Police mech net erwescht huet Sie können sech och net denken, dass ech et sin; wat die wertvoll Auer gestuel huet...Ma ech uss mech awer elo an Uech huelen...Du hues besser mer elo net ze schreiwen, dass nemmen kén Verdacht op kennt...ech si fro' dass dat sech arrange'ert huet, dass ech fir e puer Wochen fort sin;

MADAME : Der Jomer net nach...dat ass op alle Fall bednklech..wât solle mir nemme mâchen?..

GILBERTE: Mir missten de' âner Jofferen averte'eren...

MADAME : Ech geng mol nach neischt soen, soss geroden se direct an Oprégung.

GILBERTE: Pst...Lo kommen se..(hat gét eraus)

PROFESS : ( de ' eran kennt) Ech gin nach e beschen an d'Loft.

MADAME : Oh, et fänkt awer so' lues un ze rénen.

PROFESS : Desto le'wer gin ech...dat wesst der jo, dass ech am lew'-sten spaze'ere gin, wann et rént. Et bro'hegt d'Nerven we'ként ânert Möttel...an ech si fro' fir e beschen eleng ze goen. D'Joffer Wirrwampel verstét sech wonnerbar mat der neier Pensionärin...bâl sin s'um Mars, bâl um Mo'nd...si sin nach amgâng dobannen ze discute'eren.(sie wellt ausgoen, bedenkt sech e beschen a kennt erem zreck) Wât hat der gesôt...et geng ufänken ze rénen..da schloen ech le'-wer mei Rénmantel em.(si hellt e Rénmantel dén do hängt, a gét aus)

MADAME : (fir sech) Ech hätt awer vleicht besser gehât der Profes-sesch et ze soen...De' le'sst alles ahnungslos doremmer trellen..di âner eigentlech och..we' de Kabang hei.Bestemt leit hir Posch dran (sie kuckt) A nén, et ass nömmen dén wertvolle Stén...Lôss mech dé Kabang awer le'wer duerhannen an den Eck setzn..Obschon ech net geng unhuelen; dass sie Steng geng klauen...

PINMACEL: (kennt eran) Et ass einfach wonnerbar bei iech, Madame, ech sie wirklech fro' dass meng Frendin mech heihinner gescheckt huet. Kann ech mech e beschen hei an d'Fotel setzen?

MADAME : (net me' grad so' frendlech we' virdrun) Selstverständlech, Joffer, duefir ass eisen Hall do (an engems ass se ausgét, sét se fir sech) d'Gilberte kennt sech hier bei d'Dir stellen, fir ze kucken op se net dohierter spione'ert.

PIMPANEL: (le'sst sech an eng Fotel nidder a sét fir sech) D'Joffer Professorin huet Recht...d'Joffer Wirrwamel ass zwar ganz interessant, ma sie schwetzt emol zevill...an ech muss onbedengt meng Gedanken zesummen huelen fir aus dér Geschicht eraus ze kommen.Dat mam Klauen muss ech onbedingt ânescht mâchen...et kennt én zevill lîcht derhanner..(bedenkt sech) Et misst én Helfeshelfer erun ze'hen...vleicht én..hémlech an der Nuecht...erakomme lôssen..( sie sprengt op émol mat engem Sâtz op) Richteg, ech hun et,....wo' konnt ech net e'schter op de' Idee kommen?..(sie stirmt an engem Sâtz aus)

ARCHMOL : De' grad era kennt, rifft d'Madame) Madame,...hut der net gesin?...a wât ass an d'Joffer gefuer?...

MADAME : (de' se'er era kennt) Ma, ech hun he'eren, dass én an e puer Sätz d'Trâp erop gerannt ass.

ARCHMOL : Ma dat war die Nei...Sie ass gerannt we' eng Kugel aus der Flent..sie hât mech em en Ho'er no emgerannt..Ech hun nach gefrôt op sie net wellt mat an d'Loft goen, sie huet net geäntwert, lânscht mech we' wann se mech net gesin hätt.

MADAME : Da war se secher a Gedanken, we' hir Frendin geschriwen huet.

ARCHMOL : Wât huet hir Frendin geschriw?..

MADAME : Ma sie wär heiansdo a Gedanken, da geng sie mat kengem schwetzen.

ARCHMOL : Sie war op alle Fall ganz bosseg...et war neischt Natirleches me', dat do..

MADAME : Wann dat alles wär?..

ARCHMOL : Wât ass dann nach?..

MADAME : Oh, ech wollt neischt soen...ma ech gesin, ech muss iech et ower soen, dass der oppasst, sie klaut nähmlech...

ARCHMOL : (erfe'ert) Da musst der se fortschecken, dir därft neischt eso' an èrem Haus dulden...huet'se iech schon eppes geholl?

MADAME : Bis elo konnt ech nach neischt feststellen...ma eist Medchen huet e Bre'f vun er fond, wo' se derfun schreiwt.

ARCHMOL : Dat huet eis lo grad nach hei gefehlt. So' gemitlech we' et ömmer hei wor, lo huet jo kén eng ro'eg Stonn me'.

MADAME : Et huet mer vun Ufank un net gefall, dass d'Doktesch net geschriw huet, wât se fu Beruff ass, sie sét och net wât se hât, wo' sie lo eso' lang krank war...

ARCHMOL : Dat ass wirklech bedenklech..., wéss d'Professesch schon, dass se klaut?

MADAME : Nén, de' ass gleich nôm Kaffi eraus gang, ma dir misst hir et soen, mengt dir net och?

ARCHÄOL : Op alle Fall, ech hätt am beschten hir entge'nt ze goen, (sie wellt hire Mantel huelen ;erfe'ert) Mei Mantel, mei Mantel ass net me' hei...ech hat en hier gehâng.

MADAME : Dann huet sie dén schon geholl...Hat sie eppes an der Hand, we' sie erop gerannt ass?

ARCHÄOL : Ech hun net opgepasst.

MADAME : Wârt, ech froen d'Gilberte (rifft) Gilberte...

GILBERTE: (kennt eran gelâf) Ass eppes geschitt, Madame?..

MADAME : Ma der Joffer hire Mantel ass fort...

GILBERTE: Dann huet sie dién geholl, sie war jo ele'nescht eleng heibannen;

MADAME : Hues de dann net gesinn, op sie eppes an der Hand hât, we' sie hei eraus gerannt ass?

GILBERTE: Nén, ech hât mech se'er verzun,...soss hätt se gesinn,dass ech bei der Dir gelauschtert hun...sie huet fir sech geschwât..

ARCHÄOL : We' komesch..vleicht ass dat vun hirer Kränkt..Wât huet se da gesôt?

GILBERTE: Sie huet vum Klaue geschwât, dass eppes er net gegleckt wär, ech hun net alles verstân, ma ech hun deitlech he'eren, dass se én hémlech an der Nuecht wöllt eran komme lôssen fir ze klauen..

MADAME : (erfe'ert) We', wellt se én era lôssen an der Nuecht?..

ARCHÄOL : Da gehe'ert se um Enn nach un eng Gangsterband.

MADAME : Mir mussen se op alle Fall scharf am A halen...Wo' ass se elo higangen?

GILBERTE: Sie ass an hirem Zemmer.

ARCHÄOL: Et kann én net gudd elo bei sie era goen, fir ze kucken op sie de Mantel huet.

MADAME : Dach, d'Gilberte kennt era goen, fir ze froen, op sie neischt breicht, mir mussen sie önner Kontroll halen. Kommt, gitt mat erop; et ass am beschten, mir gin der Sâch direct op de Fong, de Mantel kann se elo nach net eso' verstoppt hun, dass kén e me'geng fannen.

ARCHÄOL : ( an engems ass se allen drei aus gin) Jo, et ass emmer besser, sie get op frescher Dot ertappt..
(Wann die drei fort sin, kennt vu bausen d'Baurefra eran mat engem Kabang an der Hand, dén bâl déselvecht ass we' der Archäologin hiren, dén d'Madame vum Dösch ewech geholl hât an an den Eck gestalt hât.

BAUREFRA : (rifft) Madame...(et äntwert kén) Wo' sollen se dann nömmen dru sin? (sie kuckt zur Dir aus) An der Kichen ass och kén...Jé hop, sie wärten net weit ewech sin... Oh, mei, well hun ech vergiess d'Mellech matzebrengen... an se breichten se secher direct..Ech hätt am beschten se gleich sichen ze goen..De Kabang mat den Eer kann ech jo hei stoen lösen.(sie setzt en op den Dösch a gét aus)

ARCHÄOLOG: (kent eran) Mein Stén huelen ech awer mat op mein Zemmer Ech hätt net gär wann dat äusserst prachtvollt Exemplar mer gestuel ge'f gin...
(sie hellt o'ni weider ze kucken de Kabang dén d'Frâ dur gsât huet a get aus)
(gleich drop kennt d'Madame an d'Médchen erem eran)

MEDCHEN : Ech hu jo gesôt...de' le'sst kén op hirt Zemmer...Dir hut jo selwer he'eren we' se gesôt huet: Ste'ert mech elo net...

MADAME : Jo, a mat Gewalt kenne mir net era goen. Da gesech se direct dass mir et wissen...am beschten ass, mir bewâchen se onopfälleg...Et ass gudd dass d'Joffer Wirrwampel Beschéd wéss.

MEDCHEN : T'ass wo'er, so' enger Altertumsforscherin entgét neischt, sie ass eppes we' én halwen Detektiv.

MADAME : Sie bleiwt elo douewen a passt op wann sie aus hirem Zemmer gét, mir kommen jo och soss net mat der Arbecht virun.

MEDCHEN : Oh mam jo, ech hun den Dösch vum Kaffi emol nach net ofgeraumt.

MADAME : An ech muss ufänken d'Nuechtiessen ze prepare'eren... Wo' soll eis Nopesch dann haut eso' lâng bleiwen mat der Mellech a mat den Eer? Hoffentlech kennt se geschwönn, sossmisst du se selwer iwer siche goen.
(sie wellen ausgoen, iwerdem kennt d'Baurefra mat der Mellech eran)

MADAME : Aha, do sidd der...ech si fro' dass der kommt ( sie hellt dann d'Mellech a frét ganz verwonnert) A wo' sin dann d'Eer?

BAUREFRA : Ma de' hun ech dach schon bruecht...

MADAME : We'ni?..

BAUREFRA : Ma elo e'nescht; dir wart net heibannen...ech hun de Kabang hier op den Desch gesât.

MEDCHEN : Dann huet sie de' och ewell scho geholl?..

BAUREFRA : Wât?...Wién huet se geholl?...

MEDCHEN : Ma, de' nei Pensionärin, de' klaut...

BAUREFRA : T'ass awer net me'glech?...

MADAME : Dach sie klaut, ma ech froe mech wât sie mat enger Dozen Eer mecht..

BAURENFRA : Ma sie schluppt se vleicht

MADAME : Et ass awer onerhe'ert...mir waren dach lo grad nach hei Da muss se dach just dé Moment hei gewiescht sin we' mir de' âner Trâp erôf ko'men...ânescht kann ech mir et net erklären. Gilberte, hues du neischt gesin?

GILBERTE : Ech hun neischt gesin, ma ech hun he'eren dass én d'Trâp erop gângen ass, we' mir duerch de Gank ko'men...Ech hât gemengt et wier d'Archäologin, ma et kann och de' âner gewiescht sin.

MADAME : Onerhe'ert, dann ass se ower geriwen...engem eppes vrun der Nues ewech ze klauen..

GILBERTE : An nach eng Dozen Eer, sie kann de' dach onme'glech alleguer ausschluppen...

MADAME : Ma, ech froe mech och, wât sie dermat mecht, mengt én awer, sie geng einfach alles klauen, wât er an d'Gräpp fällt.

BAURENFRA : Ma et bestet eng Krenkt..... et get Leit de' einfach alles huelen wat en an d'Gräpp fällt...nu wart...we' héscht de' Krenkt scho ne'?...(sie bedenkt sech) Ma kommen ech dann elo net drop....et ass eppes mat Kläpp dran..

GILBERTE : (lâcht) We', eng Kränkt mat Kläpp?..

BAURENFRA : Jo,jo, mat Kläpp a mat Anni dran...

MADAME : Dir mengt Kleptomanie?...

BAURENFRA : Richteg, so' ass et...sie huet bestemmt de' Krenkt..

MEDCHEN : Et kann ganz gudd sin; d'Doktesch schreiwt jo sie wär lâng krank gewiescht; duefir sét sie vleicht net wât sie hât.

MADAME : Da sie mir verluer...eso' eppes ass net auszehidden.

MEDCHEN : Mir mussen sie onbedingt fortschecken, soss ass eis Renommée geschwenn zum Deiwel.

MADAME : O'ni Beweis kann én awer kén fortschecken.

BAURENFRA : Dir misst hir eng Fâl setzen, zum Beispill Souen irgendwo' hinléen an se iwerwâchen..an wann sie se höllt sie direct erweschen.

MADAME : Dat kenne mir jo mâchen, mé wât ech meé' fèrten, dat ass dass sie én an der Nuecht wöllt era komme lôssen.

MEDCHEN : Dann héscht et elo d'Dire spèren, an alleskontrolle'eren wât aus an a gét...

MADAME : Et wier vleicht net schlecht, wa mir der Doktesch gengen telefone'eren.

MEDCHEN : Dat wier eng Idee; mé dat mat de Souen kenne mir ower mâchen, et schued neischt wa mir e richtege Beweis hun.

BAUREFRA : Mei Gott, ech muss goen, a mei Mann denkt: A wo' stecht dat erem eng Ke'er?...(an engems ass se ausgét) Wann der mech braucht, braucht der jo nemmen zur Kichefenster auszeruffen.

MEDCHEN : A wo' solle mir dann elo de' Souen léen?

MADAME : Ma ech geng se einfach hier op den Dösch léen, et ass hei am lîchsten ze iwerwâchen (sie höllt en Honnertfrangschein aus dem Tirang a lét en op den Dösch)

MEDCHEN : Lôss mer d'Nummer nach kucken, da kann se herno net lègnen wann se se geholl huet.

MADAME : (an engems ass se ausgin sét d'Madame zum Médchen) Du kanns jo vun der Salle à manger aus, an engems wanns de den Dösch decks, den Hall iwerwâchen.
(Knaps sin se dobaussen kennt d'Schreftstellerin eran)

PINNEKEL : (fir sech) Et fällt mir einfach neischt Gescheites an, we' ech de' Sâch am beschte gedre'nt kre'en...e klengen Tour an d'Loft geng mer neischt schueden...We'...wo' kennen se hei einfach 100 Frang um Dösch leie lôseen..wa schon elauter e'erlech Leit am Haus sin..et kennt én vun baussen era kommen an se huelen, et geng ké Mensch eppes anuecht huelen.(sie rifft zur Dir eraus) Madame...Joffer Gilberte... Sie schengen net do ze sin, dann hätt ech am beschten d'S d'Souen a Secherhét ze brengen.Loss mech se hier an den Tirang léen, da soen ech en et wann ech erem kommen.
(sie lét d'Souen an den Tirang a gét fort)

MEDCHEN : (streckt de Kapp zur Dir eran) Onerhe'ert, sie sin fort. (et kennt eran) Wirklech, sie leien net me' hei...dann huet sie awer de' Krenkt mat de Klepp a mam Anni, sie kann wirklech neischt leie lôssen...Madame,kommt mol eran.. (iwerdem wo' d'Madame era kennt) Sie huet se geholl...

MADAME : Hues du se gesin?...

MEDCHEN : Ech hun se net gesin, mé et wor kén âneren eran, sie ass durch den Hall eraus gâng a fort sin se.

MADAME : Ass der soss neischt opgefall?..

GILBERTE : Dach, sie huet nach geruff: Madame, Joffer Gilberte, ma ech hu mech schwe'er gehutt fir ze äntweren, soss hätt se gesin, dass ech uecht gin hätt.

MADAME : Dat war wirklech nemmen fir sech s'iwerzéchen op kén vun ons doremmer wier.

ARCHEOLOG: (kennt era gestiermt) Sie ass mer duerch d'Bascht..ech war nemmen e Moment a mein Zemmer gâng, du war se eraus a verschwonn.

MÄDCHEN : A schon huet se erem Souen geholl (an engems ass et aus get)

ARCHÄOLOG: Mir mussen onbedengt d'Police alarme'eren.

MADAME : Dat get jo e Skandal...ech hu versicht der Doktesch ze telefone'eren; ma sie war net do...Dem Médchen wât um Telefon war, konnt ech de ganz Geschicht net erzielen, ech hu gesôt d'Madame aus der Damepensio'n misst onbedengt mat hir schwetzen we'nt hirer Frendin.

ARCHÄOLOG: Dat kann eis neischt dengen...We' konnt se iech dann elo an der kurzer Zeit Souen huelen?

MADAME : Ma ech hât en 100 Frangsteck hier op den Dösch geluecht fir ze gesin, op sie tatsächlech alles hellt, wât hir an d'Gräpp fällt...a sie ass awer och just nemmen hei durch gâng an d'Souen wore fort.

ARCHÄOLOG: Hut dir dann e Beweis dass sie et wor?

MADAME : Majo, d'Gilberte huet se vun der Salle à manger aus, den hall iwerwâcht, et huet zwar net gesin we' se se geholl huet, ma et ass soss kén hei durch gâng. Gelt, Gilberte (si geseit dass d'Gilberte net me' do ass..) Gilberte, wo' bass de'?

GILBERTE : (vu baussen) Ech komme, Madame...(an engems ass et era kennt) Do hu mir et jo..

MADAME : Wât hu mir??..

GILBERTE : Maech war elo se'er op hirt Zemmer gerannt, well se grad net do ass, hei...ech hu soss neischt fond we' de Fatz hei...

MADAME : (liest) Ge'nt den Owend, wann et ufänkt deischter ze gin, da schleichs de dech hémlech eran...

ARCHÄOLOG: We' schrecklech...se stét bestemmt mat âner De'f a Verbindung...

MADAME : Hues du soss neischt fond?

MÄDCHEN : Nén, soss lug neischt doremmer...

ARCHÄOLOG: Sie huet awer de ganz Zeit geschriw, ech hun he'eren dass se och me' we' ént Blât zerrappt huet...we' ech bei hirer Dir stong ze lauschteren.

MÄDCHEN : (ongedelleg) Ma wât brauche mir dann nach me' Beweiser? Dat hei ass genug, amstand sie huet schon e Bandit hei an der Ge'gend, dém se ganz gené sét, we' en sech hei soll era schleichen...Wuer ass se eigentlech gang?..

MADAME : (erfe'ert) O,Donnerlieweg, well hu mer net uecht gin, et hätt én se onbedengt misse verfollegen.Vleicht dre't se engem de Bre'f.

ARCHÄOLOG: Ech gin, ech huelen de Wé hei lânscht Haus erop, dén direct an de Bösch gét...(sie gét aus)

MEDCHEN : (zur Madame) Madame, et huet ké Wert fir iwerall noze-joen...dat e'scht wat mir musse mâchen, ass de' Dir hei zo'spären.

MADAME : Ma lo sin de' zwo' Jofferen eraus, dat get e sche'ne Ko-me'di wann de' erem kommen an d'Dir ass gespârt.

MEDCHEN : Mir kennen se awer mam beschte Wellen net oplôssen, mir hu jo absolut keng Kontroll wien hei aus an a get.

MADAME : Dat ass jo wo'er, mé mir kennen eis mam beschte Wellen keng Portière lëschten, du wéss ganz gudd dat eis Pen-sio'n grad genug abrengt, dass mir anständeg liewe können.

MEDCHEN : Jo, ech wéss dat alles, wa mir der Neier erem lass sin, brauche mir jo och keng Kontroll me', ma elo ass et ze-vill gefe'erlech, ech spären zo' a fèrdeg.

MADAME : Dajé alt....du muss dann awer ömmer uecht gin, wann én un der Dir rubbelt, ech kann lo net me' heibleiwen, ech muss nom Nuechtiessen kucken (sie get aus)
(d'Medchen spèrt d'Dir zo' an et huet grad de Reck ge-dre'nt, da rubbelt et schon un der Dir.)

MEDCHEN : (fir sech) Well get de kame'di scho lass (rifft zimlech hârt) Wien ass un der Dir?

PINMAKEL : (vu baussen) Ech sin et,...d'Joffer Pinmakel...ech sin lo grad eraus gâng, ma et rént mer zevill.

MEDCHEN : (an engems ass et virsechteg opspèrt) Sie wèrt jo secher ké Bandit ma eran brengen.

PINMAKEL : Virwât spèrt dir dann elo ram zo' ?

MEDCHEN : (besseg) Aus verschiddenen Ursâchen, Joffer...

PINMAKEL : Da musst der jo lo eng Schell kre'en, dir kennt dach net dé ganzen Dag hei am Hall sin, fir ze lauschteren, wann én hei un der Dir rubbelt.

MEDCHEN : Mir kre'en och eng Schell wann dat eso' viru gét.

PINMAKEL : (verwonnert) Wann wât viru gét...et war wirklech flott so' o'ni Schell..et konnt én so' ongene'ert aus an an goen.

MEDCHEN : (fir sech) Aha, dat glève mir. Grad duefir musse mir eng Schell kre'en, dass ké me' ongene'ert kann hei aus an goen.

PINMAKEL : HUtt der dann nemmen dén hei Agank?

MEDCHEN : (fir sech) Lo wellt se fuerschen ; wo' én hei nach an d'Haus era kennt, ma do ass se elo dat richtegt ukomm (dann zur Joffer) Jo,Joffer.

PINMAKEL : Dir mâcht iech awer elo vill Arbecht weider wann dir han-nert jiddferengem d'Dir musst op an zo'spèren.

MEDCHEN : (ganz buschteg) Mir sin leider durch gewöss Leid gezwongen et eso' ze mâchen.(fort)

PINMAKEL : (fir sech) Dat Medchen ass ower guer net frendlech,..ech froe mech wat passe'ert ass. We' ech hei ukomm war eng Frendlechkét sonner gleichen..(erfe'ert) Oh, well hun ech em vergiess ze soen, dass 100 Frang do lo'chen..nu jé et ass vleicht besser, echsoen der Madame et...dat Medchen gefällt mer net me'...Wo' soll d'Madam lo dru sin? Ech hett besser hir et elo direct ze soen. (sie wellt ausgoen, he'ert awer én un der Dir rubbelen, kennt erem zreck a spèrt op)

ARCHÄOLOG: (an engems ass se era kennt) Firwât ass hei zo'gespârt?

PINMAKEL : Ma, ech wéss et och net...d'Medchen sôt sie wären duerch gewösse Leit gezwongen, d'Dir zo'zespären..Ass eppes virkomm?

ARCHÄOLOG: Et ass genug virkomm...Mei Mantel ass fort, dién hei am Hall hung.

PINMAKEL : Ere Mantel fort...Hei am Hall geholl gin?..

ARCHÄOLOG: (fir sech) Sie kann sech ausgezéchend verstellen, hanner de' komme mir so' bâl net.
(iwerdem kennt d'Medchen eran)

MEDCHEN : (ganz iergerlech) Wien huet iech era gelôss ?

ARCHÄOLOG: Ma, d'Joffer hei.

MEDCHEN : (fir sech) Dann ass et gehopst we' gesprongen, wann sie hei d'Dir opmecht, ech muss se aus dem Hall erauskre'en. (ganz stramm zur Joffer Pinmakel) Joffer, hei am Haus mâchen ech d'Dir op a soss kén.

PINMAKEL : (fir sech ganz erfe'ert) Wât en To'n...ech hätt besser op mein Zemmer ze goen (sie get o'ni eppes weider ze soen aus)

ARCHÄOLOG: Sie ass blesse'ert....

MEDCHEN : (spöttesch) De' Honn de' getraff sin, billen. Sie wert wuel anuecht huelen, dass mir hannert hirt Spill gesinn Hut dir rem d'Dir hannenun iech zo'gespârt?

ARCHÄOLOG: Nén, virwât spèrt dir dann d'Dir?

MEDCHEN : Ma, et ass me' secher...wann iren én sech geng eraschleichen, et fängt lo schon un deischter ze gin.

ARCHÄOLOG: Ma dir hut Recht...et ass op alle Fall me' secher.

MEDCHEN : Et kennt jo elo och soss ké me' ran we' d'Joffer Professorin. Ech huelen de Schlessel mat ewech (hat spèrt zo' a get mam Schlessel aus)

ARCHÄOLOG : (wellt och eraus goen; dann he'ert se we' én un der Dir rubbelt) Dat wèrt d'Professorin sin...lôss mech awer vorsichtshalber froen) Sidd dir et Joffer Professorin?

STEMM : (vu baussen) Nén, ech sin et, lôsst mech eran, ech gin jo nâss.

ARCHÄOLOG : Ech hu ké Schlessel,...wârt eng Minutt...ech gin d'Médchen ruffen (rifft zur Dir eraus) Joffer, Gilberte, et ass én un der Dir.

GILBERTE : (kennt eran) A wien kann dat da sin?..Wien ass do?..

STEMM : (vu baussen) Ma ech....lôsst mech dach eran..

GILBERTE : (zur Archäologin) Et ass eng Stemm we' eiser Nopesch hir ma et ass net ze traeuen, et kann én sech verstellen... ech gin le'wer rop op d'Fenster lûssen (se'er fort)

STEMM : (vu baussen) Wât der Jômer ass nemme lass?Lôsst mech dach em Gotteswellen eran...

ARCHÄOLOG : Wârt é Moment...d'Medchen kennt direct..

MEDCHEN : (ganz opgerégt) Et ass e Landstreicher...

ARCHÄOLOG : Dann hu mir jo lo schon d'Bescherung..Madame..

MADAME : (kennt se'er eran) Ass eppes geschitt?.

MEDCHEN : E Mann virun der Dir, ech war op d'Fenster lûssen.

MADAME : En dausend Gleck, dass d'Dir zo' war (sie rifft) Wien ass do?
(et äntwert ké me')

ARCHÄOLOG : Well ass en net me' do.

MEDCHEN : Wann en och net äntwert, dat ass net gesôt dass en nach do stét, an eis iwerfällt wa mir opmâchen...ech gi le'wer nach eng Ke'er rop lûssen

(hat léft eraus a ste'sst just an der Dir mat engem zesummen, dién awer vum Publikum nach net gesin get; hat rennt erem zreck an dét Kresch...Hellef...e Mann... a le'sst sech op e Stull fâlen...
De' 2 de' bei der Dir stongen, ze lauschteren; dre'nen sech em an din allenzwe Kresch, well am selwechte Moment kennt d'Baurefra eran, den Hutt vun der Vullescheich um Kapp an de Paltong iwert d'Schirteg.

BAUREFRA : Wât ass nemmen an iech gefuer? Hei d'Joffer hut der den Hutt an de Paltong vun der Vullescheich, ech hat en iwergèzun, well et elo so' se'er ugefâng huet ze rénen.

MEDCHEN : Do konnt é schon mengen, et wär e Landstrecher...wât hut dir eis erfe'ert...

MADAME : Wo' sidd der dann era komm?..

BAUREFRA : Ma zur heneschter Dir

MADAME : Himmel an eng Welt, ass de' Dir net gespârt?..(zum Gilberte) Ge' se'er a spèr de' Dir och zo'.

MEDCHEN : Majo, de' muss och zo' sin, sie huet elo e'nescht gefrôt op én soss ne'erens an d'Haus ke'm. (fort)

ARCHÄOLOG : Eng domm Geschicht....mir wèrten nach allerhand erliewen

BAUREFRA : Ass dann erem eppes geschitt zenter dass ech fort sin, dass dir d'Diren spèrt.

MADAME : Majo, sie huet de' Souen de' mir hier geluecht hâten, och scho geholl.

MEDCHEN : (kennt eran) Jo, sie ass nemmen durch den Hall gâng a schon waren sie verschwonn, sie huet ganz bestemmt de' Krenkt mat de Klepp we' dir gsôt hât.

MADAME : Dat wär nach neischt, awer de' Fatz Pabeier de' mir fond hun..

BAUREFRA : Wât ass mat der Fatz Pabeier?

MADAME : Ma do huet se drop geschriw et soll én sech hömlech era schleichen, wann et ufänkt deischter ze gin.

BAUREFRA : Ma dann huet se Hellefshelfer..ech gin d'Police averte'eren..

MADAME : Et bleiwt ons neischt âneschtiwreg...(zum Medchen) Hues du d'Dir gespârt?

MEDCHEN : Jo, hei ass de Schlessel...Hât ech net besser emol rem bei der Neier hir Dir lauschteren ze gon...Wannse eleng ass schwetzt se emmer fir sech; da kennt ech nach allerhand gewuer gin.
(Hat get mat dénen 2 Schlesselen an der Hand eraus. Knapps ass et fort, da rubbelt et un der Dir. Die drei erfe'eren)

ARCHÄOLOG : Well rubbelt et schon erem

STEMM : (vu baussen) A firwât soll hei zo'gespârt sin...Hallo.. hallo....ass kén do?

MADAME : Ass et d'Joffer Professorin?

STEMM : (vu baussen) Nén, ech sin et..

BAUREFRA : So' kann jidderén kommen...Ere Numm wanneggelifft..

STEMM : Ma ech sin d'Joffer Dokter, der Joffer Pinmakel hir Frendin.

MADAME : Dat kann dach net sin..ech hun elo e'nescht telefone'ert, sie war guer net dohém...et ass se bestemmt net..

ARCHÄOLOG : Et ass gnz bestemmt eng Kumpanin vun der Neier; de' sech als Doktesch ausget, fir sech me' licht eran ze schleichen;

MADAME : Dat kennt ganz gudd me'glech sin.

STEMM : (vu baussen) Lôsst mech dach eran, ech gin puddelnâss.

MEDCHEN : (kennt era gestieramt) Ech hun op der Fenster gelûsst.. Et ass eng grooss Gestalt mat enger lânger Pèlerine, eng Kapuz um Kapp a Stiwelen un.

MADAME : Lôss mer eis ro'eg verhâlen an net me' äntweren, da verzitt se sech.
(sie verhâlen sech ro'eg a lauschteren zur Dir, et rubbelt nach e puermol; dann ass et ro'eg)

BAUREFRA : Wesst der wât? Ech gin zur heneschter Dir aus mei Mann ruffen

ARCHÄOLOG: Dat wär eng Idee.

MEDCHEN : Wart, ech lôssen iech aus...(de' 2 gin eraus, kommen awer gleich drop ganz opgerégt erem)

BAUREFRA : Et rubbelt én un der henneschter Dir.

MADAME : Da kann et nömmen é sin, dén hei kenneg ass, soss wéss jo kén dass do eng Dir ass.

ARCHÄOLOG: Die Nei wèrt em Instructio'nen gin hun.

MEDCHEN : He'ert mol nemmen we' se rubbelt.

ARCHÄOLOG: Si sin vleicht zu zwé...dass én verzicht do eran ze kommen an dén âneren hei bei der Dir stét.

BAUREFRA : Solle mir emol opmâchen an auslûssen?

MADAME : Ech sin net eso' keng.

BAUREFRA : Wârt, ech din de Paltong an den Hutt vun der Vullesceich un. Wann et e Fremensch ass, da get et em ellen wann et mech geseit.
(d'Médchen spèrt ganz virsichteg d'Dir op. D'Baurefra mam Paltong un vir, die âner ganz virsechteg hannendrun, sie lûssen ammeguer aus)

BAUREFRA : Et ass ké me' hei...Da wârt, ech lâfen elo se'er mengem Mann et soen.
(Während de' drei âner nach zur Dir auslûssen, kennt vun der ânerer Seit d'Doktesch an enger lânger Pèlerine eran)

DOKTESCH : Wât ass nömmen hei geschitt?
(die drei fueren vu Schreck doruechter, din Krésch a vergiéssen d'Dir zo'zespèren)

MADAME : (de' sech de' e'scht erem fâsst) Joffer Dokter, a wo' kommt dir dann hier?

DOKTESCH : (lâcht) Ma zur Kichefenster eran, de' lug nemme bei..et get é jo metschnâss an dém Rén do ze stoen...Wât ass nemme geschitt? Meng Secretärin huet mer telefone'ert; dir hätt bei mir ugefrôt we'nst menger Frendin. Ech hât an der Ge'gend ze din, du duecht ech: fuer dohinner, sie wèrt dach net krank sin?.

MÄDCHEN : Dach, sie huet eng Krenkt

DOKTESCH : Dat kann dach net sin, ech hun se dach nach ge'schter gesin; sie war so' gesond we' dir an ech...just e besche midd, ma soss fehlt er neischt.

MÄDCHEN : (behâpt ganz energisch) Dach Joffer, sie huet eng Krenkt, de' mat de Klepp a mam Anni dran..

DOKTESCH : (lâcht) Wât fir eng Sort ass dat dann?

MADAME : Ma, et ass d'Kleptomanie..

DOKTESCH : Dat ass mir awer nei...lo kennen ech se schon zenter 10 Joer; an ech hun nie derartig Unzéchen gesin.

ARCHÄOLOG : Et ass awer ganz bestemmt, well zenter sie am Haus ass, verschwannen de' onme'glechst Sâchen

MADAME : Et ass wo'er, der Joffer hire Mantel hei...eng Dozen Eer an elo rem 100 Frang.

DOKTESCH : (ganz ongléewech) Dat kann dach net me'glech sin.

MÄDCHEN : Mir hun och gemengt et kennt net sin, ma d'Beweiser sin do.

DOKTESCH : Beweiser..da ge'f ech awer mol gären gesin, wat fir Beweiser do sin..
(an dém Moment flitt d'Dir op an d'Baurefrâ am Paltong a mam Vulleschheichshutt um Kapp stirmt eran...Sie din alleguer Kresch a fueren zreck)

DOKTESCH : (erfe'ert) Oh, Kanner, wât ass dat?

BAUREFRA : Oh hei, d'Joffer Dokter...da wart dir et ower de' un der Dir gerubbelt huet...Mir sin alleguer an enger schrecklecher Oprégung we'nst der neier Pensionärin.. sie huet we' et schengt mat engem ofgemâch, sech hémlech eran ze schleichen fir ze klauen (lâcht) Ma sie ass de' richteg ukomm...Mei Mann wéss elo Beschéd an alles wât verdächteg ass an sech wöllt bei d'Haus eruschleichen get ugehâl...hié stét op Wuecht.

MADAME : Dat asseng gudd Idee, lôss mer d'Dir hei erem spèren (sie le'sst de Schlessel drop stiechen)

MÄDCHEN : An d'Kichefenster de' ass nach op (fort)

MADAME : Oh mei eist Nuechtiessen..ech gin haut net fèrdeg..

BAUREFRA : Ma ech sin jo lo hei, ech kann iech hellefen (an engems. ass se mat der Madame aus get) Heit Joffer hut dir èren Hutt an de Paltong mat dénen prachtvolle Knäpp

DOKTESCH : Ah jo, dir sammelt Antiquite'ten...hut der dest Joer schon allerhand fond?

ARCHÄOLOG : (ganz begéschtert) Oh jo, e Prachtexemplar vun engem Stén an dann dat hei an d'Madame huet meroffre'ert fir op hiren ieweschte Speicher ze kommen.

DOKTESCH : Dat ass interessant, ech wellt ech hätt dest Joer och erem kennen kommen.

ARCHÄOLOG : Ech hätt och neischt derge'nt gehât, da wär all dé Kame'di mat der Neier net virkomm

DOKTESCH : Ma wo' ass se iwerhâpt...Ma wann dir eso' e Verdacht ge'nt se hut, da muss se sech dach verântwere können.

ARCHÄOLOG : Sie wéss sech erauszerieden we' keng zwét...Frot se selwer op se mei Mantelhuet, an die Dozen Eer an de' 100 Frang.

DOKTESCH : Ass se op hirem Zemmer?...da gin ech lo gleich mat rop;

ARCHÄOLOG : Jo, sie huet sech elo eng ganz Zeit net me' gewiss; Ech gi mat erop, ech droen dat hei op mein Zemmer. (sie gin allenzwé aus)

MEDCHEN : (kennt eran) Loss mech mech nach emol versecheren op de Dir hei zo' ass...d'Fensteren sin och lo allenennen zo' et ass mer schon net me' so' bâng, dass d'Doktesch elo hei ass, de' kann dach neischt eso' zo'lôssen...de' wèrt hir elo d'Levite liesen an net ze knaps...(hat wöllt zur Dir ausgoen; lauschtert e beschen a kennt erem zreck) Aha, well kennt d'Doktesch mat der Neier d'Trâp erôf...sie wèrt gleich op den Tatort kommen fir se zurieds ze stellen. Et wär interessant de' ganz Geschicht verfollegen ze können. Eraus kommen ech lo net me'. Hurteg önnert den Dösch..

Doktesch a Joffer Pinmakel kommen eran a sinam Gespre'ch

PINMAKEL : Ech froen mech nemmen wo' se op de' Idee kommen, ech geng stiélen...De' Souen de' lugen hei; dat ass wo'er.. ech hun se ewech geholl an an den Tirang geluecht, well ech geduecht hun, et kennt awer mol én era kommen an se huelen...well se jo d'Dir net gespârt hâten.Hei sin se, ech wollt dem Médchen et net soen, well hat eso' buschteg mat mir war; an d'Madame hun ech zenter hier nach net gesin.

DOKTESCH : We', war d'Médchen net frendlech mat dir?

PINMAKEL : Du kanns der ké Begreff mâchen, we' besseg et ass a we' et mech ugeranzt huet...ech mengen dat ass de' ganz Affaire an der Schold...et gefällt mer net, dass et eso' doremmer schnoffels get...et war well zwémol op mengem Zemmer...ech froe mech wât et do verluer huet.

DOKTESCH : Dat huet et awer soss net gemâch.

PINMAKEL : Et wor och ganz frendlech we' ech ko'm, ma zenter dass dé Mantel do fort ass an de' Souen hei; ass et wirklech ganz eklech...et mengt bestemmt ech hätt d'Souen an de Mantel geholl.

DOKTESCH : Ma sie mengen et alleguer, och dass de di Dozen Eer geholl hues.

PINMAKEL : (lâcht) Eng Dozen Eer...lo muss ech awer lâchen...a wo' hätt ech dann eng Dozen Eer geklaut...dat ass ower richt era gelunn, ech hun nach keng Eer hei am ganzen Haus gesinn.

DOKTESCH : Sie mussen awer geholl si gin, dann ass et irgend én âneren aus dem Haus dé klaut an dech wöllt dranze'en.

PINMAKEL : Vleicht ass et d'Médchen selwer

DOKTESCH : Nén, dat ass well scho 5 Joer am Haus...vleicht ass én era komm, de' Dir hei stong jo ömmer op.

PINMAKEL : Majo, ech wor ganz verwonnert ele'nescht we' ech era komm, dass zo'gespart war....et ass zenter dass dé Mantel fort ass

DOKTESCH : Net eleng duefir, si hun dech am Verdacht, du gengs hémlech én erakommen lôssen fir ze klauen.

PINMAKEL : (lâcht) Lo muss ech awer lâchen, a wo' kommen se nemmen op de verreckt Ideen...Ass d'Dir wirklech zo'gespart? (sie get dohin an engems ass se de Schlessel emdre't sét se) Da kennen se de' lo rem ro'eg opmâchen... (Knaps huet se d'Dir opgespârt, stirzt sech d'Médchen we' é Bletz önnert dem Desch eraus, di 2 di Krésch a fueren zreck.

MEDCHEN : (ganz rosen) Hei spären ech op a soss kén. Op émol hu mir ewer e Bandit heibannen.

DOKTESCH : Ma, Joffer Gilberte, ech kennen iech guer net me' erem, dir sidd krank.

MEDCHEN : Ech sinn net krank...e Gleck, dass se mech hâten, soss hätt di do eis em alles bruecht.

DOKTESCH : We' onmane'erlech schwetzt dir?

MEDCHEN : (verächtlech) Mat enger Perso'n de' klaut, soll én och nach mane'erlech schwetzen.

DOKTESCH : Ma si klaut dach guer net, si huet di Souen hei nemmen ewech geholl, dass kén se soll huelen.

PINMAKEL : (hellt d'Souen aus dem Tirang) Hei sin se.

MEDCHEN : (spöttisch) Raffine'ert sitt der; dat hun ech och scho gesinn. Dir konnt elo neischt ânescht we' se erem gin. Dir hât's awer geholl.

PINMAKEL : Né Joffer, et ass ganz gené we' ech menger Frendin gesôt hun, dir hut jo alles he'eren önner dem Dösch, ech froe mech firwât dir mech eso' ausspione'ert.

MEDCHEN : Ma, ech wèrt all Ursâch hun, git de Mantel an de Dozen Eer och eraus:

PINMAKEL : (wiert sech) Ma, ech hu ké Mantel an keng Dozen Eer geholl.

MEDCHEN : (behâpt sech) Mir wèrten et schon eraus fannen, ech hun et schwarz op weiss dass der klaut.

DOKTESCH : Da weist ons dat emol, dir git elo awer e beschen ze weit. (an dém Moment rubbelt et un der Dir)

STEMM : (vu baussen iergerlech) An zenter we'ni ass hei zo'gespârt, lôsst mech eran, se'er....se'er..

MEDCHEN : (ganz stramm) Wién ass do?

STEMM : (vu baussen; be'ss) Ma ech sin et...lôsst mech eran, ech gi Verfollegt.

MEDCHEN : Ech froen iech nach eng Ke'er, ère Numm wanneggelifft..

STEMM : (vu baussen, emmer me' be's) Huet é schon eso' eppes erliewt (ängschtlech) Ech gi verfollegt, et kent é Mann mir no.

PINMAKEL : (ongedelleg) Ma mâcht dach op...et ass d'Joffer Professorin, dir he'ert et dach un der Stemm

MEDCHEN : An dann schleicht de Bandit sech mat hir eran...(rifft) Madame, kommt mol hueret eran..

MADAME : (de' mat der Baurefra era gelaf kennt) Wât ass geschitt?

MEDCHEN : Ma hei jeitzt d'Professesch virun der Dir...et ke'm é Mann hir no.

BAUREFRA : Dat ass ganz bestemmt mei Mann.

MEDCHEN : Et kann grad so' gudd é Bandit sin...a wa mir dann opmâchen fir se eran ze lôssen iwerfällt en eis.

STEMM : (vu baussen) Um Gotteswöllen, lôsst mech eran.

DOKTESCH : Da lôsst se dach eran, sie verangscht jo.

MEDCHEN : A wann de Bandit dann hannendrun ass..

MADAME : Da schloe mir en dann mam Stén op de Kapp (si hellt der Archäologin hire Stén aus dem Kabang, dién sie an den Eck gesât hât...a stellen sech parat...d'Médchen mecht virsechteg d'Dir op, d'Madame hellt de Stén parat)

BAUREFRA : Um Gotteswöllen; Madame, erschlôt mir mei Mann net.

MADAME : Ech geheien nemmen wann ech gesin, dass eng Gefoer do ass;

MEDCHEN : (mecht d'Dir e Spalt op) Dajé, se'er eran mat iech.. (mat engem Sâtz ass d'Professesch dobannen a le'sst sech op e Stull fâlen)

DOKTESCH : Et wèrt er dach net schlecht gin...(sie fillt de Pols) Hurteg, Wasser....
(Pinmakel a Medchen lâfen allenzwé matenén aus fir Wasser sichen ze goen)

PROFESS : (stöhnt) E war just hanneru mer...eso'war ech mei Liéw-dag nach net erfe'ert

MADAME : We' huet en ausgesin?

PROFESS : Just we' dén do iwer..

BAUREFRA : Ma da war et en och

DOKTESCH : Zenter we'ni fänkt dién dann eso' eppes un ?

BAUREFRA : Mir hâte jo gesôt dass e Wuecht soll stoen, an alles wât verdächteg ass, soll unhâlen. Hié wo'sst secher net, dass dir nach net era wèrt.

PROFESS : (verwonnert) Ma ass dann eppes geschitt?

MADAME : Ah jo, dir wart vun elo e'nescht un net hei...et ass ons allerhand gestuel gin.

PROFESS : (greift an d'Mantelstäsch) Ma mei Portemonnaie ass och net me' a menger Täsch.

ALL MATENEN: Ere Portemonnaie, ass dén och well fort ?

ARCHÄOLOG: (de' iwerdems era kennt) Ass well rem eppes geschitt ?

MADAME : Ma der Professorin hire Portemonnaie ass net me' an hirer Täsch.

ARCHÄOLOG: (lâcht) Ma dat do ass jo guer net hire Mantel...dât ass mein...an ech hât guer ké Portemonnaie an der Täsch.

MADAME : (lâcht och) Et get jo emmer me' sche'n hei...(zur Baure-frâ) Lôss mer an d'Kiche goen; dass mer d'Nuechtiessen op den Dösch kre'en (an engems ass se ausgét) Nén, eis zerstreit Professesch huet de' de Mantel geholl? (Iwerdem könnt d'Medchen an d'Joffer Pinmakel eran, d'Médchen huet e Glas Wâsser an der Hand)

MEDCHEN : Fängt dann ewell alles un ze stiélen?

PROFESS : (wiert sech) Ma, dir wellt dach net soen, ech hätt dié Mantel welle stiélen...ech hun en an Ongedanke ugedo. Entschellegt villmôls, Joffer (si dét de Mantel aus a récht en der Joffer Wirrwampel)

ARCHÄOLOG: (lâcht) Et ass dach guer neischt, Joffer; ech sin nömmen fro' dass en erem do ass, an dass...(sie bekuckt d'Joffer Pinmakel)

PINMAKEL : Sot et ro'eg; an dass ech en net geholl hât, we' dir gemengt hut.

ARCHÄOLOG: Oh, Joffer......mir hun. ..

PINMAKEL : (energisch) Jo, dir hutt mech am Verdacht, alleguer we' der hei sitt...well hut der jo d'Souen an de Mantel erem.

MEDCHEN : (besseg) Di Dozen Eer awer nach net. Wién huet de Kabang hei um Dösch dann ewech gehol?

ARCHÄOLOG: (ganz verwonnert) Hei um Dësch,...ma dat wor dach de Kabang mat engem Stén.

DOKTESCH : Ma hei ass ère Stén, si wollten elo e'nescht nach én do'dschloen dermat.

ARCHÄOLOG: Mat mengem prachtvolle Stén? (sie hellt de Stén) Mei Stén...ma dann hun ech jo de Kabang mat den Eer op meng Kummer gedro.

DOKTESCH : (lâcht) Dann ass jo lo rem alles do...wo' kommt der nemmen drop dass meng Frëndin soll klauen?

MEDCHEN : Ma sie huet e Bre'f geschriw..hei stét et schwarz op weiss.

PIMMAKEL : Aha, lo kennt alles raus...dir git dénen ânere Leit an hir Sâche schnoffelen...(sie höllt de' 2 Ziedelen de' d'Médchen an der Hand huet a get der Dokteschse) Hei, kuckt, et ass e Manuskript dat ech zerrappt hun...

DOKTESCH : (schmuntzt) Vun dengem neie Roman?

ALL MATTENEN: Schreiwt de' ROMANEN ?

MEDCHEN : (rifft ganz opgeregt zur Dir aus) Madame, Madame, well ass et raus, di Nei ass Schreftstellerin..

BAUREFRA : (an engems ass se mat der Madame era kennt) Ech hätt awer nie geduecht dass d'Schreftstellerinnen eso' gefe'erlech Leit wieren...

MEDCHEN : An ech wèrt eso' bâl kenger Schreftstellerin me' an hir Manuskripten schnoffele goen..

(Iwerdem fällt de Rideau)